PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
11 JUIL. 2019
887

Lëtzebuerg, den 09/07/2019

Här President,

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun a Medien & Bildung weiderzeleeden.**

Iwwert all Schüler(inn) zu Lëtzebuerg existéiert e sougenannte „Fichier Élève". An dëser Datebank stinn ënnert anerem Kontaktdaten an Resultater esou wéi och Informatiounen iwwert déi berufflech Experienz. Nieft dësen elementaren Donnéeën beinhalt de „Fichier Élève" awer och Informatiounen iwwert de sozio-ekonomesche Kontext vun der Schüler(innen). Den Art. 3 (3) am Gesetz vum 18. Mäerz 2013 iwwert den Ëmgank mat de perséinlechen Donnéeë vun de Schüler(innen) hält an deem Kontext ënnert anerem Folgendes fest:

*Outre les données mentionnées au paragraphe (2), sont également traitées des données relatives au milieu culturel, familial et professionnel (première langue et, le cas échéant, autres langues parlées au domicile; rang des frères et sœurs ; pays d'origine ; date d'entrée au pays ; niveau d'études, catégorie professionnelle et niveau de revenus des représentants légaux de l'élève).*

A senge « Lignes directrices relatives au respect, à la protection et à la réalisation des droits de l'enfant dans l'environnement numérique » huet de Comité des Ministres vum Conseil de l'Europe, de 4. Juli 2018, am Kapitel « Mesures et principes opérationnels visant à assurer le respect, la protection et la réalisation des droits de l'enfant dans l'environnement numérique » ënnert anerem folgend Recommandatiounen festgehalen:

*Reconnaissant que les données à caractère personnel peuvent être traitées pour le bien des enfants, les États devraient prendre des mesures pour veiller à ce que ces données soient traitées (...) avec le consentement libre, explicite, éclairé et sans ambiguïté de l'enfant et/ou de ses parents, de la personne en ayant la charge ou de son représentant légal, ou selon un autre fondement légitime prévu par la loi. Le principe de minimisation des données devrait être respecté, ce qui signifie que le traitement des données à caractère personnel devrait être adéquat, pertinent et proportionné aux fins pour lesquelles ces données sont traitées. (29)*

*Les États veilleront à ce que le traitement de certaines catégories de données jugées sensibles – telles que les données génétiques, les données biométriques (...) et les données à caractère personnel dont le contenu révèle les origines raciales ou ethniques, les opinions politiques, les convictions religieuses ou autres, l'état de santé physique et mental ou la vie sexuelle – ne soit autorisé dans tous les cas qu'à la condition que des garanties appropriées soient prévues par la loi. (32)*

*Les États devraient s'assurer que les enfants et/ou leurs parents, les personnes qui s'occupent d'eux ou leurs représentants légaux ont le droit de retirer leur consentement au traitement des données à caractère personnel, d'avoir accès à leurs données personnelles et de les faire rectifier ou supprimer, notamment lorsque le traitement des données relatives aux enfants est illégal ou lorsqu'il compromet leur dignité, leur sécurité ou leur vie privée. (34)*

PIRATEN

**An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:**

- Här Minister, wien huet alles Accès op de „Fichier Élève"?
- Ass séchergestallt, datt dës Donnéeën net an d'Hänn gerode vu Persounen, déi a priori net supposéiert sinn, Accès zu dësen Datebanken ze hunn (z.b administratiivt Personal)?
- Sinn d'Garantië gesetzlech ginn, fir datt keen Abus vun dësen Donnéeë méiglech ass? Ass am Sënn vun engem modernen Dateschutz an am Respekt virun de Kannerrechter virgesinn, d'Base reglementaire vum „Fichier Élève" ze iwwerdenken, fir esou och méigleche Mëssbräich vum Fichier oder Ausgrenzungen opgrond vun den doran enthalenen Donnéeën entgéint ze wierken?
- Gehéieren Informatiounen iwwert d'sozio-ekonomesch Situatioun vun den Elteren, hir Qualifikatioun etc. am Minister sengen Aen an e „Fichier Élève" an ass de Prinzip vun der Proportionalitéit an deem Kontext senger Meenung no ginn?
- Kann de Minister eis versécheren, datt keng Donnéeën an de „Fichiers Élèves" stinn, déi iwwert déi gesetzlech gereegelt Punkten eraus ginn? Wien kontrolléiert an deem Kontext, ob d'Recht vun de Schüler(innen) ob e Schutz vun der Privatsphär och wierklech agehale ginn?
- Wat passéiert mat dësen Donnéeën nodeems d'Schüler(innen) net méi schoulflichteg sinn, respektiv d'Schoul verloossen? Ginn dës Donnéeë geläscht oder archivéiert?
- Hunn d'Schüler(innen), hir Elteren oder hir legitim Vertrieder Accès op de „Fichier Élève"? Wa jo, ënnert wéi enger Form ginn déi jeeweileg Persoune vu hirem Droit d'Accès a Kenntnis gesat? Wéi steet et ëm hier Droits à la suppression / rectification?
- Gouf d'Gesetz vum 18. Mäerz 2013 - relatif aux traitements de données à caractère personnel concernant les élèves - un den RGPD ugepasst? Wa jo, wéi eng Ännerungen huet dat genee mat sech bruecht?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

**Äntwert vum Kommunikatiouns- a Medieminister a vum Educatiounsminister op d' parlamentaresch Fro n° 887 vum Deputéierte Sven CLEMENT**

---

1. Den Accès op d'Donnéeë vum Fichier „Scolaria" (Fondamental) a vum „Fichier élève" (Secondaire) ass ganz strikt limitéiert: Enseignanten, Presidente vu Schoulcomitéen, Regionaldirekteren, Schouldirekteren an en Deel vum administrative Personal aus de Schoulen a vum Ministère hunn deen Accès, souwäit hir jeeweileg Funktioun dëst erfuerdert; den Accès ass limitéiert op d'Donnéeë vun deene Kanner, fir déi si zoustänneg sinn.

2. Den Accès op dës Donnéeë gëtt gereegelt iwwert eng staark Authentificatioun (LuxTrust), gekoppelt un en zentrale Gestiounssystem vun den Identitéiten an den domadder verbonnene Forme vum Accès (Artikel 5 vum Gesetz vum 18.3.2013 „Loi du 18 mars 2013 relative aux traitements de données à caractère personnel concernant les élèves"). Dank dësem Login-System kann noverfollegt ginn, wéi eng Persoun wéi eng Donnéeë consultéiert huet. Den informatesche System ass esou configuréiert, datt séchergestallt ass, datt keng net autoriséiert Persounen Accès op dës Donnéeën hunn, respektiv, datt keng Persounen Accès op Donnéeën hunn, op déi si an hirer Funktioun keen Accès sollten hunn.

3. D'Gesetz vum 18.3.2013 ass en zäitgeméisst Dateschutzgesetz, dat et dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) erlaabt, och haut nach konform zum europäesche GDPR ze sinn. Dëst well déi europäesch Reglementatioun keng wesentlech nei Elementer bruecht huet, an dat besteeënd Gesetz scho staark restriktiv war.

4. Dës Informatiounen hunn eendeiteg hir Plaz an dëser Datebank an entspriechen de Finalitéite vum Traitement, esou wéi se am Artikel 3 vum Gesetz opgezielt sinn. Si si wichteg fir d'Schoul, fir sech dem sozio-ekonomesche Background vun hire Schüler kënnen unzepassen, a fir datt d'Enseignanten differenzéiert kënne mat de Schüler schaffen. All Etüde weisen op e ganz staarken Zesummenhang tëschent sozialem Background a schouleschem Verhalen hin.

5. D'Donnéeën, déi saiséiert ginn, entspriechen alleguerten de legale Prescriptiounen. Vu datt d'Saisie vun den Donnéeë vun assermentéierte Beamte virgeholl gëtt, déi de Rechter a Flichte vun de Fonctionnairen ënnerleien, sollt séchergestallt sinn, datt keng Donnéeë stockéiert ginn, déi net vum Gesetz virgesi sinn.

6. D'Donnéeë vun de Schüler ginn informatesch archivéiert, nodeems si de Lëtzebuerger Schoulsystem verlooss hunn. Den Accès op dësen Archive ass streng limitéiert via den IAM vum Educatiounsministère a begrenzt sech op anonymiséiert wëssenschaftlech Etüden an Analysen.

7. D'Schüler, hir Elteren oder hir legitim Vertrieder hu keen direkten Accès op de Fichier. Fir d'Donnéeën, déi de Ministère am Kader vum Gesetz vum 18.3.2013 späichert, hunn si kee Suppressiounsrecht. Allerdéngs kann de Ministère zu all Moment, op Ufro hin, dem Informatiounsrecht nokommen, dat Schüler, hir Elteren oder hir legitim Vertrieder hunn.

8. Well d'Gesetz vum 18. Mäerz 2013 ganz restriktiv a konform zum GDPR ass, war et net noutwenneg, zum jëtzegen Zäitpunkt eng Modifikatioun virzehuelen.